2018/19 COURS FACULTATIFS

Photographie noir/blanc

Titulaire(s) du cours : Jean-Paul Kieffer
Horaires : Vendredi, 14h25-16h10 Laboratoire Photos
Finalités et objectifs du cours :

« Vum Motiv iwwert de Film zur Foto »

Dëse Cours wëll de Schüler an di faszinéierend Welt vun der analoger Schwaarz-Wäiss Fotografie aféieren.
An eiser schnellliewеger digitaler Welt erlieft di klassesch analog Fotografie en neien Opschwong. Analog ze fotograféieren bedeit, sech Zäit huelen fir d'Motiv, d'Liichtverhältnisser, d'Kompositioun beim Fotograféieren an och beim Entwéckelen vun dëse Fotoen an der Dunkelkammer.

Programmme :

1. Theorie a Praxis

No enger kuerzer theoretescher Aféierung an d'Geschicht vun der Fotografie, léiert de Schüler de Fotoapparat mat senge Funktioune kennen (Blend-, Zäitastellung, Schärft, Déiwteschärft, di verschidden Objektiver, asw). Dono ginn schwaarz-wäiss Filmer (no engem festgelueten Thema) fotograféiert a selwer an der Dunkelkammer vum LGE entwëckelt, fir d'éischt den Negativ an dann, vun dësem, och d'Positiver, also d'Fotoen gezunn.

2. Deen artisteschen Deel

Niewend dem techneschen Basiswëssen, geet et och ëm deen artisteschen Deel vun der Fotografie: Wéi machen ech e gudde Cadrage, eng interessant Mise en scène? Wéi kann ech d'Qualitéit vu menger Foto an der Dunkelkammer optiméieren? Wéi präsentéieren ech meng fäerdeg Foten? Asw.

3. Dat allgemengt Interesse un der Fotografie

Dëst soll och beim Schüler gefördert gin andeems mer Austellunge kucke gin, Fotografe kenneléieren, Zäitschréften a Bicher iwer Fotografie liesen, Concours matmaachen, asw.

Public cible :

De Cours riicht sech un **all** Schüler, déi Spaass an Interesse un der Fotografie hunn, gewëllt sinn, hir eege Kreativitéit erauszefuerderen, gären konzentréiert an autonom schaffen an enger Atelierambiance.
Dese Kur as haptsächlech praktesch orientéiert no der Method **Learning by doing.**